riichten, fir datt mir am Ufank vum neie Joer an engem gemeinsamen Effort solle kucken, fir derfir ze suergen, am Virfeld a virum Vote vun de Projet-de-loien all Feelerquellen auszeschalten. An deem Sënn hunn ech elo eng Réunioun mat der zoustänneger Ministerin ugefrot.

Dat gesot…

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé, Ministre de la Sécurité sociale.-* Här President!

M. le Président.- Här Minister?

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé, Ministre de la Sécurité sociale.-* Här President, selbstverständlech ënnerstëtzen ech déi Invitatiounen, déi Dir un d'Regierung gemaach hutt, wëll Iech awer bei dëser Geleeënheet soen, dass et bis haut net evident ass, wou déi Erreur matérielle hierkomm ass. Well, Dir sollt wëssen, dass deen Text, dee vum Conseil d'État aviséiert ginn ass, dee richtegen Text ass, an dass bei der Compilatioun vun den Texter, fir hei ofzestëmmen, déi Erreur matérielle entstanen ass.

Ech wëll, wa mir sollten en Deel vu Responsabilitéit do derbäi hunn, déi assuméieren, wëll der Chamber och ee ganz häerzleche Merci soe fir hir Attitüd, déi et erméiglecht, dat Gesetz plangméisseg a Kraaft ze setzen, wëll awer déi Reprochen, déi de President a Richtung Regierung gemaach huet, ganz staark nuancéieren.

Merci!

M. le Président.- Ech wëll just dem Här Minister äntwerten, datt et net fir d'Éischt leider Gottes ass, datt mer an de leschte Wochen a Méint mat Erreur-matériellen a Gesetzesprojete befaasst sinn. Duerfir hunn ech jo och betount, Här Minister, mir sollen zesummen - Dir hutt mer net nolauschtert -, zesumme kucken, datt mer an Zukunft esou Feelerquellen…

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé, Ministre de la Sécurité sociale.-* Ech si ganz domat d'accord.

M. le Président.- …évitéieren.

Den Här Schiltz huet d'Wuert.

M. Jean-Louis Schiltz *(CSV).-* Här President, ech mengen, hei gëtt esou gemaach, wéi wann déi eng géife Feeler maachen a sech iren, an déi aner ni géifen e Feeler maachen. Ech fannen dat e bësse komesch, muss ech éierlech soen.

(Interruption)

Ech wëll Iech nämlech soen, datt mer a multiple Sitzungen iwwert de Summer während dräi Méint - während dräi Méint! - en Text gestëmmt hunn iwwert de Blanchiment, wou ech mat responsabel si fir den Text, den Här Roth ass mat responsabel, den Här Bettel war federführend bei der DP, den Här Braz bei deene Gréngen: Mir hunn an deem Text, Här President, zwee Artikelen 13 gestëmmt, wëll ech Iech emol soen!

(Hilarité)

M. le Président.- Dir confirméiert, Här Schiltz, wat ech gesot hunn. Et ass net fir d'Éischt gewiescht, datt mer an de leschte Méint Problemer haten, an duerfir solle mer zesumme kucken,…

Une voix.- Très bien!

(Interruption)

M. le Président.- …wéi mer eis verbesseren.

Une voix.- Très bien!

(Interruption)

M. le Président.- Als nächste Punkt...

M. Xavier Bettel *(DP).-* Also, dat doten, Här President, dat ass awer net ze akzeptéieren. Mir kréien d'Schold hei, dass d'Majoritéit schlecht schafft.

M. le Président.- Neen, Här Bettel, dat ass jo elo...

(Brouhaha général)

Ech géif elo… Elo kritt nach ganz schnell den Här Braz d'Wuert.

M. Xavier Bettel *(DP).-* D'Regierungskrankheet ass ustiechend!

M. le Président.- Den Här Braz kritt d'Wuert an da fuere mer virun.

(Interruption)

M. Félix Braz *(déi gréng).-* Ech wëll dem Här Schiltz...

(Hilarité)

M. le Président.- Hei, wann ech gelift!

M. Félix Braz *(déi gréng).-* Ech wëll dem Här Schiltz seng Ausso just bestätegen. Och dat do Beispill ass e gutt Beispill gewiescht, wat geschitt, wann een ënner Zäitdrock Projeten hei erabréngt, wann ee vu vireran Deadlinë setzt. Dat war de Fall beim Santésgesetz; dat war, Här Schiltz, de Fall bei deem Gesetz, wat Der do genannt hutt. Dat ass exakt deeselwechten Zeenario. Les mêmes causes produisent les mêmes effets. A wa mer lous wieren, géife mer eppes draus léieren.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Gutt, dann hu mer...

M. Jean-Louis Schiltz *(CSV).-* Et ass exakt genau, Här Braz, Dir hutt et net gemierkt an ech hunn et och net gemierkt. Dat wollt ech eigentlech soen.

M. le Président.- Domadder ass dee Punkt ofgeschloss. Mir kommen elo als nächste Punkt bei de Projet de loi 6208 iwwert den Emploi des jeunes. D'Riedezäit ass hei nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Gloden, Bauler, Adam, Gibéryen an Hoffmann. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Roger Negri. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

5. 6208 - Projet de loi modifiant la loi du 11 novembre 2009:

1. concernant certaines mesures temporaires visant à atténuer les effets de la crise économique sur l'emploi des jeunes;

2. modifiant certaines dispositions du Code du Travail

Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi

M. Roger Negri *(LSAP), rapporteur.-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Verlängerung vun de Beschäftegungsmesuren…

(Brouhaha général)

D'Verlängerung vun de Beschäftegungsmesurë bis Enn 2011 fir jonk diploméiert an net diploméiert Leit ass den Objet vun dësem Gesetz. A bal allen europäesche Gesellschaften huet sech den Iwwergank vu Schoul op Beruffsliewe fir vill jonk Leit an deene leschte Jorzéngte verschwéiert an et ass oft begleet vun Onsécherheet. Och wa Lëtzebuerg…

M. Ben Fayot *(LSAP).-* Här President, ech héieren näischt. Ech héieren de Riedner net schwätzen.

M. le Président.- Här Negri, fuert virun!

M. Roger Negri *(LSAP), rapporteur.-* Och wa Lëtzebuerg um internationale Vergläich laang éischter gutt ofgeschnidden huet, sou ass de Problem vum Jugendchômage zënter dem Enn vun den 90er Joren och hei am Land eng eescht ze huelend Realitéit.

(Interruption)

Une voix.- Héiert Der elo eppes, Här Fayot?

M. Roger Negri *(LSAP), rapporteur.-* D'Regierung huet méi wéi eemol agegraff a probéiert duerch verschidden Initiativen, notamment Stagen a spezifesch Formatiounen, deene Jonken a virun allem deenen, déi keng Aarbecht oder just eng minimal Ausbildung hunn, de Start an d'Beruffsliewen ze erliichteren.

Duerch eise grenziwwerschreidenden an transnationalen Aarbechtsmaart, dee logescherweis eng grouss Konkurrenz mat sech bréngt, ass et heizuland besonnesch fir jonk Leit ouni Ausbildung schwéier, eng Aarbechtsplaz ze fannen.

Déi lescht Regierung huet doropshin am Dezember 2006 e Gesetz gestëmmt, dat zwou Moossnamen agefouert huet. Éischtens, eng dovunner riicht sech un den öffentleche Secteur, den CAE - Contrat d'Appui Emploi -, an déi zweet, déi aner, un de Privatsecteur, CIE - Contrat d'Initiation Emploi. Duerch eng Rei finanziell Avantagë sollten esou de Stat, d'Gemengen an d'Betriber encouragéiert ginn, jonk Leit ënner 30 Joer an ouni Ausbildung e Stage an am beschte Fall eng fest Ustellung ze bidden.

Am Dezember 2006 louch d'Aarbechtslosegkeet vun deene Jonken ënner 30 Joer bei 33%. Ee Joer drop bei 29,4%. Hei muss een zwar och bedenken, dass de Chômage am grousse Ganze während dësem Joer e bëssen erofgaangen ass. Mä déi agefouert Moossnamen hunn awer Enn 2007 428 Jonker d'Méiglechkeet ginn, éischt berufflech Erfahrungen ze sammelen.

Mat der weltwäiter Wirtschafts- a Finanzkris huet sech während de Joren 2008 an 2009 d'Situatioun op eisem Aarbechtsmaart dramatesch zougespëtzt an d'Aarbechtslosenzuele sinn op historesch Chiffere geklommen. Dës negativ Entwécklung huet natierlech och Auswierkungen op d'Aarbechtslosegkeet vun deene Jonken ënner 30 Joer. Si huet am September 2008 en Drëttel vum Gesamtchômage ausgemaach. Dat waren 2.865 Persounen. Ee Joer drop ware schonn 3.970 jonk Leit op der Sich no enger Schaff. Gréisstendeels sinn zwar virun allem Leit ouni Ausbildung oder Leit, déi just déi néng schoulflichteg Joren hunn, vun der Aarbechtslosegkeet betraff. Déi maache bal d'Halschent vun allen Aarbechtslosen aus.

Mä an Zäit vun engem Joer huet sech awer och en neie bis dohin onbekannte Phenomeen hei zu Lëtzebuerg entwéckelt. D'Zuel vu Leit mat Uni oder anerem Héichscholofschloss huet vu September 2008 bis op September 2009 ëm 904 Persounen zougeholl. Fir dësem neie Phenomeen konsequent entgéintzewierken, huet eisen Aarbechtsminister Nicolas Schmit d'lescht Joer am Hierscht e Gesetz deponéiert, dat déi existéierend Moossnam CAE an CIE och opmécht fir Leit mat engem Diplom.

Dobäi ass eng nei Moossnam geschaf ginn, nämlech de Contrat d'Initiation Emploi-Expérience pratique CIE-EP oder Praktikum genannt. Dëse leschte Kontrakt ass speziell fir jonk diploméiert Leit geduecht a soll hinnen d'Beruffserfahrung a verschiddene Betriber liwweren, déi hirem Diplom déi néideg Plus-value gëtt. Sou solle si sech bei der wirtschaftlecher Relance méi séier um Aarbechtsmaart integréiere kënnen. Dës Moossname sinn den 11. November d'lescht Joer a Kraaft getrueden.

Och wa vill iwwert d'Erweiderung vun de bestehende Moossnamen a besonnesch iwwert den neien CIE-EP geschwat gouf, sou blouf den erwaarte Succès relativ laang aus. Et ass e Büro an d'Liewe geruff ginn, deen déi jonk Leit perséinlech an och iwwer virtuell, dat heescht Internetsite - den aneloplus (veuillez lire: point).lu -, guidéiert. Déi Jonk kruten esou d'Méiglechkeet, hire Liewenslaf op eng Internetplattform ze setzen an iwwert dëse Mechanismus d'Offere vun de Patronen ze consultéieren. Dës Plattform gëtt vun engem Guichet unique géréiert, dee sech zesummesetzt aus ADEM, CEDIES, SNJ a CPOS.

Enn Dezember 2009, dat heescht, sechs Wochen nodeems d'Gesetz a Kraaft getrueden ass, hunn 187 Jonker vun engem CAE a 430 vun engem CIE, dovunner 22 vun engem CIE-EP, profitéiert. Dräi Méint méi spéit awer hat d'Zuel vun den CIE-EPiste sech méi wéi verdräifacht a louch bei 78. Am Oktober dëst Joer hunn 223 Leit vun engem CAE an 809 vun engem CIE, dovunner 122 vun engem CIE-EP profitéiert.

Och wann d'Aarbechtslosegkeet vun de jonke Leit hei zu Lëtzebuerg par rapport zu 2009 relativ stabil bliwwen ass - et waren am Hierscht, September 2009, fir genau ze sinn, 3.970 Leit ënner 30 Joer aarbechtslos an 2010 waren et der 3.912 -, sou gëtt dat awer keen Ulass, fir sech elo op deene Lorbeeren do auszerouen. Sécher verzeechent eis Wirtschaft säit enger Zäit éischt positiv Signaler. Mä mir mussen awer och berücksichtegen, dass ëmmer nach vill ze vill Betriber op Kuerzaarbecht mussen zréckgräifen an duerfir keng nei Leit astellen.

Am leschte Konjunkturcomité vum 24. November 2010 hunn nach 64 Betriber eng Demande op Kuerzaarbecht gestallt. Dovunner sinn der 42 als favorabel aviséiert ginn. Och wann dës Zuele lues a lues erofginn, sou si mer nach ëmmer wäit ewech vun deene vu virun der Kris. Tëschent Januar an August 2008 huet sech de Maximum vun Demanden nämlech op dräi pro Mount belaf.

Här President, d'Verlängerung vun zwielef Méint bis Enn 2011 vun deenen am November 2009 agefouerte Moossnamen, déi deen hei virleiende Projet de loi virgesäit, ass deemno net aus der Loft gegraff, mä éischter virsiichteg an noutwendeg. Et muss ee kloer soen, dass d'Moossname vun 2009 zu engem groussen Deel dozou bäigedroen hunn, 500 Jonker méi um Aarbechtsmaart ze integréiere wéi par rapport zu 2009.

Et ass och wichteg ze soen, dass d'Verlängerung vun dëse Moossnamen op kee Fall virgesäit, bëlleg Aarbechtskräften op de Maart ze kréien, mä ganz am Géigendeel. D'Betriber sollen encouragéiert ginn, jonke Leit eng Chance ze bidden, professionell Erfahrung ze sammelen a sech esou en attraktive Profil ze kreéieren, deen um Aarbechtsmaart och gesicht gëtt. D'Haaptzil vun all deene Moossnamen ass a bleift ganz kloer d'Ofschléisse vun engem definitiven Aarbechtskontrakt - engem CDI.

D'Verlängerung vun de Moossname soll, wéi gesot, bis Enn 2011 lafen. Dat heescht, si ass zäitlech begrenzt. Wann d'Situatioun um Aarbechtsmaart sech also d'nächst Joer berouegt a verbessert, ginn d'Moossnamen no 2011 net méi verlängert.

Duerfir gi se och net - wéi vum Statsrot a sengem Avis gefuerdert - an de Code du Travail ageschriwwen, mä bleiwen, wéi et elo schonn de Fall ass, just als Note de bas de page drastoen. De Statsrot huet ausserdeem kritiséiert, dass keng Evaluatioun vun de Moossname gemaach ginn ass, an huet drop higewisen, dass een dëst schonn a sengem Avis vum Projet de loi vum leschte Joer erëmfanne kann. En huet dat och du scho geschriwwen.

Esou eng Evaluatioun ass awer am Moment net realiséierbar, well déi meescht vun de Kontrakter nach lafen a well se jo eng maximal Dauer, wéi Der wësst, vu 24 Méint kënnen hunn. Esou kann een elo net kloer soen, wéi vill Jonker definitiv agestallt konnte ginn duerch dës Mesuren. Eng éischt Evaluatioun kann awer deemno schonn am Laf vum Joer 2011 gemaach ginn.

Här President, als Konklusioun: An eiser moderner Gesellschaft gehéiert den Astieg an d'Aarbechtswelt zu engem ganz entscheedende Punkt am Liewe vu jonke Leit. Eng Aarbecht hunn, heescht net nëmmen, finanziell onofhängeg ze sinn, mä ass och verbonne mat Unerkennung an der Gesellschaft, perséinlecher Positionéierung a Selbststännegkeet.

Eng Aarbecht hunn, bedeit och sozial Integratioun a Participatioun um alldeegleche gesellschaftleche Liewen. De Wee no der Schoul an d'Aarbechtslosegkeet kann also wäitreechend Folge fir déi gesamt Liewenssituatioun vun de Jonken hunn. Den erhoffte Start an en anert Liewe gëtt duerch de Rutsch an d'Aarbechtslosegkeet séier zum perséinleche Problem an demoraliséiert an découragéiert de Jonken.

Et läit an eiser Responsabilitéit, derfir ze suergen, d'Mëttelen zur Verfügung ze stellen, fir eiser Jugend all Méiglechkeeten ze ginn, sech duerch eng fest a sécher Aarbecht ze verwierklechen an hiert Liewen eegestänneg gestalten ze kënnen.

Domadder ginn ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- An ech soen dem Här Rapporteur Roger Negri Merci. Als

éischte Riedner ass den Här Léon Gloden agedroen. Här Gloden, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Léon Gloden *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt e Merci dem Här Negri fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport. 14.703 Persoune waren um Enn vum Mount Oktober op der Sich no enger Aarbecht. Dat entsprécht engem Chômagetaux vu 6,1%. Zu deene 14.703 Persoune gehéieren 2.469 jonk Leit tëschent 16 a 26 Joer. Dat mécht 16,8% vun allen Aarbechtslosen aus.

Ech fannen, dat sinn der nawell vill, ganz vill, ze vill. D'Majoritéit vun dëse Jonken, dat sinn 1.257 Jugendlecher, hunn e Secondaire-technique- oder e Secondaire-classique-Ofschloss. Direkt duerno kommen déi Jonk ouni Ofschloss, dat sinn der 971. Dat bedeit virun allem, datt mer zu Lëtzebuerg eng Diskrepanz hunn tëschent engersäits der Offer, déi héich Qualifikatioune viraussetzt, an anerersäits der Demande, déi dës Qualifikatiounen net onbedéngt ubidde kann.

De Chômage-Problem ass also an éischter Linn e Bildungsproblem. Hei goufe schonns vill interessant Etüde gemaach, wéi zum Beispill déi vun der OECD „Education at a glance" oder op Franséisch „Regard sur l'éducation".

De Chômage-Problem ass dann och fir déi Jonk e Problem vun der Integratioun an d'Aarbechtswelt. E Beruff muss fonnt ginn an erléiert ginn, an do spillt d'Experienz hautdësdags eng wesentlech Roll. A Krisenzäiten ass et besonnesch schwéier, déi éischt Beruffsexperienz ze fannen.

An der Zäit ware speziell déi Jugendlech mat kenger oder wéineger Ausbildung betraff. Déi éischt Mesurë fir dës Jugendlech goufe vum deemolegen Aarbechtsminister François Biltgen an d'Weeër geleet. D'Gesetz vum 22. Dezember 2006 gesäit dofir zwee Instrumenter vir, déi déi net diplomëiert Jugendlecher betreffen: de Contrat d'Initiation à l'Emploi an de Contrat d'Appui Emploi. Deen éischte soll dozou déngen, deene Jonken eng reell Aarbechtsplazperspektiv ze ginn, an deen zweete soll dem Jonken eng zousätzlech Ausbildung ginn.

Duerch déi berühmt Kris hunn och Jugendlech mat Diplomer Schwieregkeeten, hautdësdags eng Aarbecht ze fannen. Duerfir hu mer d'lescht Joer am November an dësem Haus d'Gesetz iwwert d'Mesures temporaires pour l'emploi des jeunes gestëmmt. Duerch dëst Gesetz hu mer de Contrat d'Initiation à l'Emploi an de Contrat d'Appui Emploi op déi jonk Leit mat Diplomer ausgeweit an de Contrat d'Initiation à l'Emploi-EP agefouert.

Deemools hunn ech op dëser Tribün gesot, datt d'Ofkierzunge fir dës Kontrakter - CIE, CAE an CIE-EP - wéi d'Ofkierzunge fir Vitaminne klénge géifen an dat och hir Fonctioun wier: Vitaminne fir Jugendlech, datt se fit gemaach gi fir den Aarbechtsmarché.

Wa mer haut also d'Verlängerung vun dëse Mesurë bis zum 31. Dezember 2011 stëmme sollen, stellt sech d'Fro, ob mer déi falsch Vitaminne verschriwwen hunn. D'Äntwert ass kloer: neen. A sengem Rapport geet de Rapporteur op d'Evolutioune vun der Zuel vun den ofgeschlossene Kontrakter an - ech wëll déi hei elo net méi répétéieren.

Här President, et ass kloer, d'Vitaminnen hunn net versot, mä op där anerer Säit hu se d'Krankheet Jugendaarbechtslosegkeet nach net geheelt. Duerfir ass et wichteg, datt mer d'Ordonnance - fir am medezinesche Jargon ze bleiwen - verlängeren. Besonnesch am internationale Joer vun der Jugend wier et dat falscht Signal, fir dës Mesuren net ze verlängeren. Och sinn nach eng ganz Rei Betriber virsiichteg an hire Rekrutementer. D'Verlängerung vun dëse Mesuren erlaabt et, datt déi Jugendlech awer eng Formatioun an eng Expérience professionnelle beim Stat oder am Privatsecteur kréien an esou eng reell Perspektiv op eng Aarbechtsplaz hunn.

Dëst Gesetz ass an däerf keng Fin en soi sinn. Duerfir hunn d'Regierung an d'Commission du Travail et de l'Emploi och net dem Statsrot seng Recommandatioun suivéiert, fir dës Mesuren an de Code du Travail ze integréieren. Et sinn temporär a keng definitiv Mesuren.

Iwwert déi juristesch Iwwerleeungen eraus ass dëst och e staarke Message no baussen. Fir eis ass d'Jugendaarbechtslosegkeet keng fatal Donnée, mat där mer liewe wëllen oder kënnen. Un der Politik ass et, déi néideg Mesuren ze huelen, fir datt d'nächst Joer ëm dës Zäit keng weider Prolongatioun vun dësem Gesetz muss gestëmmt ginn.

D'Gesetz iwwert d'Formation professionnelle vum 19. Dezember 2008 ass sécherlech e richtege Schratt an dës Richtung. De Jugendleche soll a sengem Choix vun den Etüden och méi zilorientéiert un de reelle Bedürfnisser vum Aarbechtsmarché orientéiert ginn. Et ass och ganz wichteg, datt ee mam Patronat an de Betriber Hand an Hand schafft. Finalement, d'Reform vun der ADEM wäert och hoffentlech derzou féieren, datt d'Jugendlech méi schnell an den Aarbechtsmarché integréiert ginn.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren a ginn den Accord vu menger Fraktioun.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Leon Gloden. Als nächste Riedner ass den Här Bauler agedroen. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert!

M. André Bauler *(DP)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, méi wéi een, deen eng Aarbecht sicht, oder e jonke Mënsch kennt, deen eng Aarbecht sicht, seet engem, wéi eleng een dosteet, wann een op den Aarbechtsmaart kënnt.

Ech selwer hunn an de leschte Wochen a Méint eng Rei Jonker begéint, déi mech ugeschwat a gefrot hunn, ob ech net wéisst, wou si eng Aarbechtsplaz kéinte fannen. A véier vu fënnef Fäll si meng bescheide Beméiungen, fir hinnen ze hëllefen, souguer gegléckt. Net dass ech eng Aarbechtsplaz u sech geschaf hätt, mä well ech mer verhal hat, wien zurzäit a wat fir engem Beräich eng Plaz opstoen hätt a wat fir eng Formatioun dofir verlaangt ass.

Et ass souguer echt, dass ech fréier Élèvë begéint hunn, déi mëttlerweil e klenge Betrib leeden, déi eng Aarbechtskraaft gesicht hunn, an deenen ech dann ee vu menge jonken Ex-Élèvë recommandéiert hunn, well déi mer reng zoufälleg begéint waren a mer gesot hunn, dass si nach keng Plaz fonnt hätten. Dat huet mer duebel Freed gemaach an et huet mech och zwou Saache geléiert.

Éischtens, déi Jonk di sech dacks schwéier, wa se en Diplom hunn, sech zurechtzefannen, wa si sech no der Schoul op d'Sich no enger Plaz maachen. Si gesinn dann dacks vu lauter Beem kee Bësch méi a si iwwersinn Opportunitéiten, op déi se net opmierksam gemaach goufen. Dat léiert eis, wéi wichteg d'Roll vum Aarbechtsplazvermëttler ass, a wéi flexibel an engagéiert een an där Roll muss sinn. Et léiert eis och, wéi wichteg de perséinleche Bezuch zu dem jonke Mënsch muss sinn, an dass een e perséinlech begleeden, jo souguer coache muss, fir en op déi richteg Pisten ze setzen.

Zweetens, et léiert mech doriwwer eraus, dass vill Betriber sech guer net un d'ADEM riichten a léiwer selwer iwwert divers Kontakter Leit fir hir oppe Plaze sichen. Do spillen da Relatiounen dacks eng net onwiesentlech Roll, an deen, deen ee kennt, deen ee kennt, deen huet meeschtens déi beschten Trëmp an der Hand.

Dat ass net ëmmer ganz gerecht, mä et ass d'Wierklechkeet um Lëtzebuerger Aarbechtsmaart. An dat do weist, wéi wichteg d'Reform vun der ADEM ass. De Minister huet éischt Akzenter gesat, andeems en d'Personal opgestockt a Leit engagéiert huet, déi sech mat Kompetenz an Dynamik un de Problem erumaache sollen. Déi nächst Méint wäerte weisen, ob dës reng Personalopstockungen déi gewënschten Effeten hunn.

Wéi mer d'lescht Joer de Gesetzesprojet 6068 diskutéiert hunn, gouf vun der DP ënnerstrach, dass en engem Noutplang entsprécht. Duerfir sollt en an der Zäit begrenzt sinn an als Zil hunn, géint déi konjunkturell bedéngt a staark geklomme Jugendaarbechtslosegkeet virzegoen. D'Demokratesch Partei huet zu dësem Projet Jo gesot, well en eben en exzeptionelle Charakter huet.

Den CIE mat praktescher Experienz sollt deene jonken Diplomëierten e Praktikum offréieren, fir se esou méi liicht op den Aarbechtsmaart ze féieren, fir do e Kontrakt op onbegrenzten Zäit ze kréien.

Mir hunn deemools drop opmierksam gemaach, dass d'Jugendaarbechtslosegkeet Froen iwwer eise Schoulsystem an iwwer eis Gesellschaft am Allgemengen opwerft. Mir hu festgestallt, dass nach ganz vill bei der berufflecher Orientéierung an eise Lycéeën ze maachen ass. Déi professionell Orientéierung muss méi fréi an eise Schoulen ufänken. A si muss an déi Pedagogik, an d'pedagogesch Logik vun den Enseignanten afléissen.

E grousse Problem ass nach ëmmer d'Zuel vun den Décrocheurs scolaires, déi ouni nennenswäert Qualifikatiounen op den Aarbechtsmaart kommen an dann am beschte Fall an enger Beschäftegungsmoossnam landen. Wéi et ëm den Niveau vun eisem Bildungssystem bestallt ass, krute mer d'lescht Woch unhand vun der PISA-Etüd schwaarz op wäiss virgeluecht. De schläichenden Néiergank vun eisem Bildungssystem gouf eis mat deene Resultater ugekënnegt.

Mir stinn haut virun engem Koup vu bildungspolitesche Schierbelen. Eise Schoulsystem ass nach ëmmer net an der Lag, der Heterogenitéit vun der Schoulpopulatioun Rechnung ze droen. Vu Chancëgläichheet a Chancëgerechtegkeet kann ëmmer nach keng Ried sinn.

Mir als Demokratesch Partei sinn déi Éischt, déi an der Schoul e soziale Lift gesinn, deen alle Kanner soll déiselwecht Chancë bidden. Mir als Demokratesch Partei sinn och déi Éischt, déi deene Kanner, déi aus manner gutt bemëttelte Verhältnisser kommen, eng Schoul wëlle bidden, déi hinnen echt Perspektive fir d'Liewen offréiert. A mir als Demokratesch Partei sinn déi Éischt, déi op d'Fréiförderung beim Liesen an an de Sprooche setzen. Well wat een a fréie Joren net léiert, dat riskéiert en Nodeel fir de Rescht vu sengem Liewen ze ginn. D'Konsequenze vun enger verfeelter Schoulpolitik mussen nämlech spéitstens herno vun der Aarbechtsmaartpolitik opgefaange ginn.

An der Schoulpolitik fält de Bilan, PISA beweist et, vun der LSAP ganz schlecht aus. An der Aarbechtsmaartpolitik ass et nach e bëssen ze fréi, fir eng Zensur auszestellen. Et soll een dem Här Schmit eng Chance ginn. Och wann et zurzäit alles wéi net gutt um Aarbechtsmaart ausgesäit.

(Mme Lydie Polfer prend la présidence.)

Madame Presidentin, d'lescht Woch bei de Budgetsdebatte goufe mer hei vun LSAP-Säit gedoen, dass a puncto... gleewe gedoen, pardon, dass a puncto Emploi alles a Botter wär. Et géifen, an dat stëmmt jo och, Aarbechtsplaze geschafe ginn. Dat ass awer nëmmen déi eng Säit vun der Medail. Op där anerer Säit klëmmt de Chômage zënter Joren op eng erschreckend Manéier. Mir si mat mëttlerweil méi wéi 15.000 Chômeuren, ouni d'Leit aus de Beschäftegungsinitiative matzerechnen, op engem Rekordniveau ukomm.

Gläichzäiteg gouf vun LSAP-Säit ënnerstrach, dass de Problem vum Chômage bei deene Jonken op hir Inadequatioun fir d'Plazen um Aarbechtsmaart zréckzeféiere wär. Do freet ee sech: Ma wien huet dann zënter sechs Joer d'Responsabilitéit am Éducatiounsministère? Wien huet dann dat schlecht Ofschneide bei PISA ze veräntwerten? Wien dréit dann d'Verantwortung fir deen héijen Taux vun Décrocheurs scolaires?

Madame Presidentin, un éischter Plaz gëllt et, den niddrege Bildungsniveau vu villen Aarbechtslosen ze behiewen. Dat si ronn 40% vun de Jonken ënner 26 Joer am Oktober 2010 gewiescht. Dat entsprécht bal 1.000 Jonken. An dat sinn der 1.000 ze vill. Vill vun hinne schleefe sech à la fin du compte a fréiem Alter duerch den Aarbechtsmaart vun Échec zu Échec. A wat si méi laang an dëser Logik vu Mësserfolleg sinn a bleiwen, wat et méi schwéier gëtt, si ze motivéieren a si laangfristeg ënnerdaach ze bréngen.

Esou gesinn ass de Chômage en individuellen Drama, grad fir déi Jonk, déi frësch op den Aarbechtsmaart kommen. Duerfir brauch et Initiativen, déi si opfänken a si net an enger Situatioun beloossen, an där si riskéieren, lues mä sécher zum Laangzäitchômeur ze ginn.

Madame Presidentin, widderhuele mer nach eng Kéier, dass d'Demokratesch Partei zënter Jore fir eng Aarbechtsagentur antrëtt, déi e bessere Service fir d'Betriber ubitt, déi Leit astelle wëllen, déi eng Schaff sichen. Et hapert och an deem Sënn, dass d'Leit, déi a Beschäftegungsmoossname sinn, och net ëmmer beschtens weidervermëttelt schéngen ze ginn. Well wéi erkläert ee sech soss, dass d'Busentrepreneuren, fir déi ze nennen, engem soen, dass si kaum e Chômeur, dee beim Forum pour l'emploi op engem Bummelbus gefuer ass, fir hir Novabussen oder kleng Schoulbusse vermëttelt kruten. Do muss ee sech wierklech Froe stellen.

Zënter Jore weise mir als Demokratesch Partei dorop hin, dass aus der ADEM eng Aarbechts- a Weiderbildungsagentur soll ginn, wou den Haaptakzent op der Weiderbildung an der geziilter Orientéierung vum Chômeur läit. An zënter Jore gi mer net midd ze ënnersträichen, dass d'ADEM, fir all dësen Erausfuerderunge wierksam begéinen ze kënnen, flexibel an hirer Begleedung muss sinn. An den Här Minister huet dat och an der Kommissioun ënnerstrach an ugekënnegt.

Aus der administrativer Gestioun vum Chômage muss eng Aktivéierung vun de Chômeure ginn. D'Plazevermëttler mussen also déi erfuerdert Mëttel an Zäit hunn, fir en Netz vu Kontakter mat den Entreprisen an deenen hire Personalservicer auszebauen. Och dat ass eng Fuerderung, déi d'DP virun de Wahle kloer formuléiert hat, a wou et haut nach ëmmer net gräifbar ass, wéi d'Regierung dat a Musek ëmsetze wëllt.

Mir brauchen - et ass elo d'éinescht ugeklongen - eng nei Kultur an der Begleedung vum Chômeur, deen, soubal e sech ageschriwwen huet, gefuerdert a gefördert muss ginn, deem seng Begleeder à la fois Beroder, Coach a Vermëttler sinn. Enn Oktober waren 223 Jonker an engem CAE, 809 an engem CIE, dovunner 122 an engem CIE-EP. Am Januar waren 200 an engem CAE a 504 an engem CIE. Dat entsprécht enger Croissance vun eppes méi wéi 328 Persounen.

Als DP verlaange mir, dass am Beräich vun der Jugendaarbechtslosegkeet am Laf vum kommende Joer - et ass scho virdru gesot ginn - eng Evaluatioun vun de Moossname gemaach gëtt, déi geholl goufen.

D'Jugendaarbechtslosegkeet ass par rapport zum Joer 2009 liicht eropgaange mat bal 2.500 Jonker am Alter ënner 26 Joer. Et muss een awer wëssen, dass 40% vun de Jonken am Chômage - ech hunn et elo d'éinescht gesot - en niddrege Bildungsniveau hunn, also ganz wéineg qualifizéiert sinn. Wann een dann nach déi derbäirechent, déi héchstens eng Deuxième oder Douzième hunn, da sinn et wäit iwwer 50%.

Am Bulletin de l'emploi vun der ADEM kann een déi Statistike gären noliesen. Iwwregens wier et net vu Muttwëll - et ass dat eng Suggestioun -, wann dës Statistike verfeinert géife ginn an deem Sënn, dass een déi Jonk, déi eng Onzième/Treizième bezéiungsweis Troisième/Première hunn, separat oplëscht.

D'Gesetz vum 11. November 2009 an d'Moossnamen, déi domadder verbonne sinn, hunn et erlaabt, fir 500 jonk Leit méi op den Aarbechtsmaart ze brénge par rapport zu 2009. Mir begréissen, dass dës Moossnamen deelweis gegraff hunn, sinn awer der Meenung, dass si nëmmen en Noutbehollef an engem Krisenzeenario sinn. Hei gëtt mam Scheckheft operéiert, ouni dass de Problem un der Wuerzel ugepaakt gëtt.

De Problem läit, an d'Statistike weisen dat, zu engem Deel un eisem Schoulsystem selwer. D'Schüler aus dem Préparatoire kréien et ëmmer méi schwéier, fir um Aarbechtsmaart Fouss ze faassen, well se kaum den Usprëch, déi do verlaangt ginn, gerecht ginn. Dat setzt viraus, dass mir esou séier wéi méiglech ëmdenken a kucken, wéi mer dës jonk Mënsche méi fit

maachen, fir dass si eng Plaz fannen. Honnerte vun hinne riskéiere soss an de Chômage ze geroden.

Madame Presidentin, kommt mir kucken iwwert d'Grenz! An der Nei-Belsch weise se eis de Wee. Do bilde se op theoreteschem Plang ganz schwaach Schüler esou praktesch wéi méiglech aus, fir dass si als Hëllefskräften am Handwierk, am Bauwiesen oder zum Beispill am Ëmweltberäich ënnerdaach kommen. Mir brauchen duerfir eng Reform, déi hiren Numm och verdéngt.

D'Handwierk zu Lëtzebuerg kann nëmmen opgewäert ginn, wa mer erëm vir ufänken, nämlech am Alter vun zwielef, 13 Joer. Direkt no der Septième. Do musse grad eis Septième-préparatoire-s-Schüler direkt nom siwente Schouljoer op eng méi manuell ausgeriichte Schinn gesat ginn. An der Nei-Belsch hu se ewell mat 16 Joer eng zolidd handwierklech Ausbildung. An déi Léierbouwe bezéiungsweis Léiermeedercher kënnen eppes, am Géigesaz zu ville vun eise Préparatoiresschüler, déi villfach mat 16 Joer nach ëmmer net wëssen, wat si wëlle ginn.

Duerfir musse mer also ewell op Septième ufänke mat Atelieren, mat Flicht- a Wahlfach jee no Kënnen a Wëllen. Eigentlech kucken der vill no, wéi mer eis mat eise Schüler verrennen. Mir mussen also an den Alter vun zwielef bis 16 Joer investéieren. Duerno ass et dacks ze spéit. An et gëtt vill méi deier, wa mer déi Schüler erëm musse mat 18 oder 20 Joer an eng École de la deuxième oder de la troisième chance schécken.

Et geet also net duer - wéi dat de Moment geschitt -, mat der bal krampfhafter Fixéierung op d'Kompetenzlogik, déi jo quasi als Allheelmëttel vun der LSAP-Schoulministesch duergestallt gëtt, vun deene wiesentleche Problemer ofzelenken. An dat sinn d'Inhalter!

Wat wëlle mer? Wat musse mer dëse Kanner eigentlech bäibréngen? Wa mer op Septième am Préparatoire ufänken, méi ugewannt Rechnen ze ënnerriichten, am beschten an Ateliere ganz praktesch, da kréie mer déi schwaach Schüler och vläicht nees méi liicht an eng Léierplaz eran. Am Moment seet bal all Patron: „Dee kann net rechnen, also ass en näischt fir mech." Et ass jo effektiv esou, dass een am Liewe virun allem muss rechne kënnen, a mer mussen dat Fach am Préparatoire opwäerten.

Et heescht also, och a grad an der Schoul den Hiewel unzesetzen, fir dass de Schoulsystem net duerch eng weltfriem Ausbildung potenziell Chômeure produzéiert.

Als Demokratesch Partei si mir net bereet, déi am virleienden Text opgefouert Moossnam ze verlängeren. Mir wëllen eng aner Aarbechtsmaartpolitik. Mir sti fir eng aktivéierend Aarbechtsmaartpolitik. Eng Aarbechtsmaartpolitik, déi als Zil huet, deen eenzelnen Demandeur d'emploi individuell ze betreien an ze guidéieren. Eng Aarbechtsmaartpolitik, déi vun enger Aarbechts- a Weiderbildungsagentur vill méi proaktiv wéi bis elo gefördert gëtt. Eng Aarbechtsmaartpolitik ouni Blankoscheck fir Beschäftegungsmoossnamen, deenen hire Sënn an Zweck, nämlech d'Leit nees fit fir den éischten Aarbechtsmaart ze maachen, deelweis méi wéi zweifelhaft ass.

D'Zil muss et sinn a bleiwen, dass déi Jonk direkt um Aarbechtsmaart den Trëtt fannen. Moossname wéi déi, déi mer haut verlängere sollen, si gutt am Krisemoment. Duerfir hu mer se matzen am Krisenzeenario matgedroen. Mä à la fin du compte si se nëmmen eng Noutléisung, e Palliatif, wéi ech dat d'lescht Joer schonn hei betount hat, eng Plooschter op en hëlzent Been.

Aarbechtsmaartpolitik ass Schoulpolitik an ëmgedréit. Duerfir musse mer et fäerdeg bréngen, eis Jonk esou ze formëieren, dass Moossname wéi déi heiten iwwerflëssig ginn, dass eis Jonk gutt genuch preparéiert sinn, fir um Aarbechtsmaart ze bestoen. Mir gesi fir de Moment weder eng Bildungspolitik, déi dësen Ziler gerecht gëtt, nach eng Aarbechtsmaartpolitik, déi eise Virstellungen entsprécht.

Duerfir wäert d'Demokratesch Partei dëse Projet net stëmmen. Ofschléissend, Madame Presidentin, wëll ech dem Rapporteur, dem honorabele Kolleeg Roger Negri, Merci soe fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme le Président.- Ech soen dem Här Bauler och Merci. An ech ginn als nächstem Riedner dem honorabelen Här Adam d'Wuert.

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 5611 reloaded, extended ass erëm um Ordre du jour. An de Fait, datt ech hei schwätzen an net d'Madame Loschetter ass just drop zréckzefëieren, datt d'Madame Loschetter zwar scho präsent ass hei, mä hir Stëmm mécht net mat, an duerfir däerf ech dann d'Resultat vun hirer Aarbecht lech hei virdroen.

Mir verlängeren also haut eng Verlängerung, déi mer, wa mer éierlech sinn, net dem Minister Schmit ze verdanken hunn, mä sengem Virgänger, dem CSV-Aarbechtsminister Biltgen. Enn Dezember 2006 huet déi al an nei Regierung den CIE an CAE agefouert. Am November 2009, praktesch als éischt Aktioun vum neien LSAP-Aarbechtsminister, sinn dunn den CIE an CAE - ouni eng zouverlässeg Evaluatioun - verlängert ginn. Mä dat ass nach net duergaangen. Et ass nach eng nei Mesure - den CIE-EP - agefouert ginn. Well d'Finanzkris war agetratt, eng Wirtschaftskris stoung virun der Dier, an et ass gefaart ginn, datt déi nei a jonk Diploméiert keng Aarbechtsplaz géife fannen.

Well gefaart ginn ass, datt de Jugendchômage géif drastesch an d'Luucht goen, sollt dës Mesure just fir ee Joer agesat ginn. Parallell ass e Site um Internet geschafe ginn, fir dës Mesuren ze promouvéieren an ze ënnerstëtzen.

Mir hunn d'lescht Joer schonn hei gesot, datt dës Mesuren net wäitsiichteg duerchduecht woren, datt se net de Jugendchômage géife bekämpfen, mä héchstens eng Rei vu Jugendlecher géifen an der Zäit begrenzt beschäftegen. Anerer dierfte fir en Dumping-Salaire déi Aarbecht maachen, déi se wahrscheinlech och gemaach hätten, wann de Patron dës Mesure net gehat hätt, mä dann awer zu engem anere Salaire.

Den Här Kaes huet och vidru beim Projet de loi 6222 gesot, wann et kee Mindestloun géif ginn, da géife vill Patronen nach manner bezuele wéi de Mindestloun. An ech mengen, déi Iwwerleeung misst hei och richteg sinn. Mir hunn dës Verlängerung vun de Mesuren an d'Aféierung vum CIE-EP d'lescht Joer net gestëmmt mat der Hoffnung, datt den neien Aarbechtsminister a säin nei besaten Aarbechtsministère d'Zäit géifen notzen, fir en zolitten, stabilen a wäitsiichtege Programm opzestellen. Ee Programm, fir dem Jugendchômage entgéintzewierken; ee Programm, fir d'Beschäftegung vun allen, mä virun allem vun de Jugendlechen ze förderen duerch gutt duerchduechten a gutt élaboréiert Mesuren. Ee Programm, deen notamment a Kollaboratioun mat dem Aarbechtsminister senge concernéierte Kolleegen aus der Regierung hätt missen ausgeschafft ginn.

Schliesslech misst dës Regierung jo, niewent dem Bankeretten, eng Prioritéit hunn, an dat heescht, eise Leit a virun allem deene Jonken eng Aarbecht schafen, respektiv deenen, déi eng Aarbecht hunn, d'Sécherheet ginn, dës Aarbecht och ze halen.

Eigentlech hätt ech och haut d'Ried vun der Madame Loschetter vum leschte Joer kënne virdroen, well an engem Joer huet sech näischt geännert. Näischt am Ministère an näischt Signifikatives um Aarbechtsmaart.

Vum Dezember 2009 bis September 2010 hu mer d'Zuelen. Si si schonn haut erwähnt ginn. D'CAEe si vun 173 op 209 eropgaangen, d'CIEe vun 378 op 751. Am neien CIE-EP hu mer 106 Leit. Wat ons opfält, ass, datt sech virun allem d'Zuel vun den Dumping-Kontrakter am Privatsecteur bal verduebelt huet. Den öffentleche Secteur gebraucht séier wéineg seng eege Mesuren, fir jonk Leit anzeschaffen.

Jo, sécher, dat ass berechtegt, et wëllt een dem Jugendleche jo net eppes virmaachen an him Hoffnunge maachen, herno eng Plaz am öffentleche Secteur ze kréien, wann do keng Plaz ass! Mä datselwecht Argument zielt - sauf preuve du contraire - och fir den CIE am Privatsecteur.

Wéi ee Patron stellt ee fest an, deen en eigentlech net brauch? Mir schaffen also mam CIE an dem CIE-EP à très court terme. De Jugendlechen ass beschäftegt, ka sech Experienz verschafen, dat a säi CV aschreiwen. Dat ass alles richteg. Mä de Jugendleche kritt keng Aarbechtsplaz. Héchstens eng bëlleg Beschäftegungsplaz.

Datt de Patron op dës Mesuren zréckgräift, kann een him am Fong net veriwwelen. Hie kritt dëst op engem gëllene Plateau zerwéiert. Besser nach, hie konnt seng Wonschlëscht eraginn. An där ass Rechnung gedroe ginn. Dëst wor an der Press ze liesen. De President vun der FEDIL freet sech, datt den Aarbechtsminister op seng Doléancen agaangen ass.

Wann de Stat op dës Manéier bëlleg an temporär Aarbechtskraaft schaaft, entsteet och natierlech eng Demande. An déi Demande gëtt erëm geholl, fir d'Mesure ze justifiéieren.

Wéi gesäit dann d'Wonschlëscht vun deene Jugendlechen aus? Ma si ass eigentlech net grouss. Ee jonke Mënsch hätt gären eng adequat Aarbechtsplaz, déi senger Qualifikatioun entsprécht, beschtefalls en CDI oder zumindest eng reell Chance, eng Aussiicht op en CDI.

Wat de Jugendleche wëllt, ass eescht geholl ze ginn, an net am Numm vun der Produktivitéit oder der Bekämpfung vun der Kris déi Kategorie an der Gesellschaft mussen ze spillen, mat deenen ee ka liichtfankeg ëmgoen.

Hei gëllt an éischter Stell - an de Kolleeg André Bauler vun der Demokratescher Partei huet dat och schonn ugeschwat -, hei gëllt an éischter Stell d'Erausfuerderung un eise Bildungssystem. An et ass net nëmmen zënter der véierter PISA-Etüd fir eis gewosst, datt mer als Gesellschaft, als Regierung, als Éducatiounsministère op deem Plang ganz grouss Defiziter hunn. Mir hu vill ze vill Jonker, déi eng schlecht Formatioun hunn, a mir hu vill ze vill mann Jonker, déi eng extrem gutt Formatioun hunn. An dat bréngt natierlech Problemer um Aarbechtsmaart mat sech.

Mir hunn e Problem vun „early school leavers". Deen ass zu Lëtzebuerg grouss. Dat ass problematesch vun Ufank un. Mir hunn awer och e Problem, en allgemenge Problem vun Orientatioun bei eis an de Schoulen. Dat gëllt net nëmme fir déi Jonk, déi d'Schoul ofbriechen, mä dat gëllt souguer fir déi Jonk, déi en Ofschloss kréien, e Secondairesofschloss. Mir hu vun deene Jonken, déi esou een Ofschloss hunn a weider studéiere ginn, een Drëttel, deen no een, zwee Joer ophält mat Studéieren. Een aneren Drëttel hält no een, zwee Joer op a fänkt een anere Studium un. A just en Drëttel vun eise Secondairesofgänger studéieren dat fäerdeg, wat se ugefaangen hunn.

Dat ass ee graven Defizit fir eise Bildungssystem. An et ass op deem Gebitt, wou mer musse schaffen, wa mer eis Jonk wëllen eescht huelen a wa mer eise Jonke wëlle berufflech Perspektive ginn.

De Mangel u beruffleche Perspektive fir déi Jonk op der Aarbechtswelt, dee kritiséiere mir net nëmmen eleng, dat ass och eppes, wou de Statsrot sech beklot iwwert de Mangel u Respekt virum Jugendlechen, wat den Aarbechtsmaart betrëfft.

De Statsrot huet d'lescht Joer eng Evaluatioun vun 2006 u vermësst a vermësst och dëst Joer erëm all Form vun Evaluatioun. Souwuel wat de 5611 wéi de 6068 betrëfft. Och de Statsrot seet, déi Evaluatioun wier eis wichteg gewiescht, fir d'Opportunitéit vun de Mesurë vun 2009 kënnen anzeschätzen.

A wéi kënne mer d'Opportunitéit vun där Verlängerung haut aschätzen? Ass d'Zil erreecht? Wat ass iwwerhaapt d'Zil vun dëse Mesuren a vun dëser Verlängerung? Beschtefalls ass et, verschidde jonk Mënschen eng Zäit laang ze beschäftegen zu engem Bommepräis fir de Patron. Wann dat d'Zil ass, dann okay, da sot dat kloer oder schreift dës Mesuren an d'Gesetz iwwert d'Beschäftegungsinitiativen! Mä sot net, dëst Gesetz géif den Nowéie vun der Kris entgéintwierken am Kontext vun der Jugendbeschäftegung!

Datt dee jonke Mënsch net mat allem Respekt vun dësem Dossier behandelt gëtt, weisen och de feelende Suivi um Terrain op der Aarbechtsplaz an déi feelend Offer - quantitativ a qualitativ - u Weiderbildung, déi jo en Deel vum Kontrakt ass. De Comité permanent du travail et de l'emploi sollt eng Evaluatioun no sechs Méint maachen. Och déi feelt!

Mir ralliéieren eis un d'Skepsis vum Statsrot, wann en dem Projet de loi net richteg ofhëlt, datt dës Verlängerung eng reell Plus-value fir de Jugendlechen duerstellt. Et ass e Gesetz, wat zimlech kloer leider beweist, datt dësen Aarbechtsminister an dës Regierung net vill méi unzebidden hunn, fir dee jonke Mënsch a säi Projet de vie wouerzehuelen, wéi temporär Mesuren.

Mir fannen dat net nëmme schued, mä och à moyen terme geféierlech, geféierlech fir de gesellschaftlechen Zesummenhalt, geféierlech fir d'Cohésion sociale, an duerfir wäerte mir dëser Verlängerung och net zoustëmmen.

Ech soen lech Merci.

Une voix.- Très bien!

Mme le Président.- Ech soen dem Här Adam och Merci. Ech géif dann als nächstem Riedner dem honorabelen Här Gibéryen d'Wuert ginn.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci, Madame Presidentin. Ech ka mech ganz kuerzfaassen. Ech wëll dem Kolleeg Roger Negri Merci soe fir säi Rapport. Mir hunn als ADR 2009 dësem Projet zougestëmmt, well mer en deemools als e wichtege Projet ugesinn hunn, virun allem, wat eis jonk Chômeuren ubelaangt, déi aus der Schoul komm sinn. Ech mengen, datt de Projet elo verlängert gëtt, ass eng Moossnam, déi mir och kënnen ënnerstëtzen, quitte datt mer hoffen, datt am Kader vun der Reform vun der ADEM mer méi déif gräifend Reforme wäerte maachen, virun allem wat de Jugendchômage ubelaangt.

Ech mengen, de Statsrot huet verlaangt, datt sollt eng Evaluatioun gemaach ginn. An der Kommissioun ass gesot ginn, déi Evaluatioun wier nach net méiglech, fir ze maachen, vu datt déi Verträg, déi vun no 2009 ugelaf sinn, datt déi am Prinzip nach net ofgeschloss wieren an et duerfir ze fréi wier.

Mir hunn am Fong du just eng Grafik kritt, déi dokumentéiert, datt vum September 2009 bis September 2010 d'Zuel vun deene Verträg sech - kéint ee praktesch soen - verdräifacht huet. Dat ass also en Zeechen, datt awer déi Moossnam gegraff huet, wa mer haut awer bal 7 bis 800 Leit hu vis-à-vis vu vläicht knapps 200 virun zwee Joer, déi an där Moossnam dra sinn.

Duerfir schéngt et eis, bis mer eng grondleeënd Reform vun der ADEM hunn, awer wichteg, mat dëser Mesure weiderzefueren.

Mme le Président.- Ech soen dem Här Gibéryen Merci. An ech géif dann als nächstem an als leschtem Riedner dem honorabelen Här Hoffmann d'Wuert ginn.

M. André Hoffmann *(déi Lénk)*.- Madame Presidentin, am Ënnerscheed zum Här Gibéryen stëmmen ech dat Gesetz net. Sou wéi d'lescht Joer och net. Et ass och an deem enge Joer net besser ginn. Et ass nach ëmmer datselwecht. An ech bleiwen och nach ëmmer derbäi. Ech wëll net nach eng Kéier meng Ried widderhuele vum leschte Joer, net nach eng Kéier meng Amendementer presentéieren, déi ech deemools virgeluecht hunn an déi ofgelehnt gi sinn. Ech bleiwen awer derbäi.

Prinzipiell geet dat hei an déi Richtung, dass mir prekär Aarbechtsplaze favoriséiere mat engem Loun ëmmer ënnert der Qualifikatioun, ëmmer ënnert der Qualifikatioun, wäit ënnert der Qualifikatioun, egal ëm wat fir en Niveau vu Qualifikatioun dass et sech handelt, als Cadeauen un d'Entreprisen, déi keng Verflichtung hunn, fir dann herno déi Leit och anzestellen.

Wat besonnesch inakzeptabel an deem Gesetz war a wat natierlech net geännert ass, vu dass mer jo nëmme verlängeren, dat ass, dass grad bei den CAEen - also bei den CIEen ass et scho schlëmm genuch -, mä bei den CAEen, dat heescht also deene Kontrakter, déi öffentlech Verwaltungen oder parastaatlechen Institutiounen an Associatioune betreffen, vun deenen ee jo misst unhuelen, dass se eigentlech hir Verantwortung missten huele fir eng positiv Beschäftegungspolitik mat Kreatioun vu festen, normalen Aarbechtsplazen, dass déi vun esou Kontrakter CAE kënne profitéieren, andeem se zwee Joer laang net nëmme wäit ënnert der Qualifikatioun bezuelen, sondern dann och nach, wa se dann astellen - ech hunn dat lescht Joer hei u Beispiller illustréiert -, dass se dann och nach e Boni maachen.

Am Fong geholl kann ee soen, déi Entreprisen, sief et privater, sief et öffentlecher oder hallef öffentlecher, déi d'Leit direkt astellen, déi ginn am Fong geholl penaliséiert par rapport zu deenen aneren. Dat kann dach net sinn! Deene misste mer jo dann am Fong geholl e Boni ginn oder e Cadeau maachen, wa se direkt astellen, amplaz an deem dote Fall, wa se vu prekären Aarbechtsplaze profitéieren. Grad zu där Bestëmmung hat d'lescht Joer schonn de Conseil d'État geschriwwen: «Il est difficile de faire plus.»

Mir hunn och nach ëmmer keng Evaluatioun. Ech verstinn, dass een Zäit brauch fir eng Evaluatioun. Mir waarden also drop, dass déi kënnt.

(M. Laurent Mosar reprend la présidence.)

Et geet drëm, d'Fro ze stellen, wat een dann elo iwwerhaapt evaluéiert herno. An ech wëll drun erënneren, dass déi Mesurë virun dësem Gesetz, déi awer schonn en ähnleche Charakter haten, an eng ähnlech Logik gaange sinn, déi sinn eng Kéier evaluéiert gi relativ ausféierlech vum CEPS. An déi sinn zu wéi enger Schlussfolgerung komm?

Déi sinn zur Schlussfolgerung komm, dass zwar effektiv eng Rei vu jonk Leit agestallt gi sinn, mä dass awer op där anerer Säit déi jonk Leit opgrond vun dëse Mesuren, déi um Enn net agestallt gi sinn, dass déi dann um Aarbechtsmaart manner Chancen haten, wéi wa se vun där Mesure net profitéiert hätten. Well se stigmatiséiert waren oder aus wéi enge Grënn och ëmmer.

Also, ech bleiwe bei menger Haltung vum leschte Joer. Mir fueren an der Fro vum Chômage ëmmer weider mat deeneselwechte Rezepter, ëmmer eng Politique de l'offre vis-à-vis vun dem Patronat. Ëmmer mat deemselwechte Resultat: De Chômage geet weider an d'Luucht.

Mir missten eis wierklech eng Kéier Gedanke maachen, fir eng aner Richtung an déi ganz Aarbechtsplazpolitik eranzekréien.

M. le Président.- Merci dem Här Hoffmann. Elo kritt d'Wuert den Här Aarbechtsminister Nicolas Schmit.

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration.*- Här President, natierlech hu mir ons déi Fro jo och alleguer gestallt. Et ass jo net esou, datt mer blannléngs gesot hunn, mir verlängeren déi Mesuren, ouni eng Analys ze maachen, ob et effektiv utile wier, fir se ze verlängeren oder eventuell se net ze verlängeren. Dat ass jo ganz kloer, datt mer dat net einfach esou an d'Blannt era gemaach hunn.

Ech sinn eigentlech iwwerrascht, datt a verschiddenen Discoursë mer nach net aus der Kris sinn, wa mer zum Beispill iwwert den Index schwätzen; wa mer awer dann iwwer Mesurë schwätzen, déi drop achséiert sinn, fir den Emploi ze ënnerstëtzen, well ganz oft jonk Leit net en Accès kréien op den Aarbechtsmaart, well d'Betriber hésitéieren anzestellen, dann op eemol, da si mer wäit ewech vun der Kris.

Et muss ee sech also eemol konsequent sinn, ob mer elo nach an der Kris si fir déi eng Saach oder fir déi aner.

Ceci dit, wëll ech elo hei net en Discours iwwert d'ADEM halen. Ech appréciéieren ëmmer ganz staark, wann den Här Bauler eigentlech aus mengem Projet de loi, dee mer jo och viru kuerzem déposéiert hunn an deen ech jo och presentéiert hunn an der Kommissioun, grouss Deeler do zitéiert. Natierlech sinn dat déi richteg Pisten, an ech garantéieren him och, datt iwwert déi Zuel vu méi Leit an der ADEM net nëmme méi Leit an der ADEM employéiert wäerte ginn, mä besonnesch, datt un de Prozeduren, un den Approchen eppes changéiert. Soss hu mer nämlech net gutt geschafft.

Do sinn ech absolut mat Iech d'accord, an ech mengen, wann Der de Projet gelies hutt, an Dir schéngt e jo gelies ze hunn, well Dir zitéiert jo indirekt doraus, da wäert dat Iech och opfalen.

Dat Zweet ass, ech wëll elo net eng Bildungsdebatt hei ufänken. Natierlech brauche mer e Bildungssystem, deen et mécht, datt manner jonk Leit, an zwar praktesch 40%, aus der Schoul kommen an en Niveau inférieur, dat heescht eigentlech keng zolidd Ausbildung, keng zolidd Qualifikatioun hunn. Dat ass eng Erausfuerderung, et ass eng Erausfuerderung fir ons d'Land. Et ass eng Erausfuerderung fir ons Gesellschaft.

Mir kennen ons Gesellschaft, déi net einfach ass, a wann ee wierklech an den Detail kucke geet, wéi vill Jonker, vu wou se kommen an esou weider, da mierkt een och déi Diversitéit an déi Heterogenitéit, déi och bei deene Jonken ass an déi natierlech ganz oft eng Barrière duerstellt fir si, fir an den Emploi ze kommen.

Mä erlaabt mir hei och emol eemol e Bild ze maachen, wéi den Här Hoffmann virdrun, an ze soen: Setzt Iech emol an d'Plaz vun engem Jonken, dee keng Plaz fënnt, well d'Patronë momentan net wëllen een durablement astellen, well se soen: „Bon, d'Situatioun ass net esou, datt ech absolut kann dee Risque huelen, een definitiv anzestellen." An esou weider. Setzt Iech an d'Plaz vun deene ville Jonken, déi zouen Diere fannen an net en Emploi fannen. Well da wiert Der frou, alleguerten, wann Der no sechs Méint géift erëmkommen a soen: „Ben, mir hate Mesuren, déi ons gehollef hunn, am Beruffsliewen ze démarréieren. Mir haten d'Méiglechkeet, fir ons eng Expérience professionnelle ze maachen, a mir hunn iwwert déi Expérience professionnelle ons kënnen am Beruffsliewen um Aarbechtsmaart besser positionéieren an och definitiv an eng Aarbechtsplaz kommen."

Dat ass d'Realitéit, an dat ass dat, firwat mer ons entschloss hunn, déi Mesuren hei ze verlängeren, well mer nach op engem extrem fragilen Aarbechtsmaart sinn a well natierlech mer net kënnen d'Employeuren obligéieren, e Jonken anzestellen. Mir brauchen also e Coup de pouce, eng Ënnerstëtzung, fir datt jonk Leit an en Emploi kommen a sech do eng éischt Experienz maachen.

Dobäi muss ech soen, datt mer net déi Aarbecht bradéieren. Et ass net esou, datt déi Jonk fir näischt schaffe ginn. Mir hunn do ganz kloer… De Seuil ass de Mindestloun a geet bis 1,5-mol de Mindestloun. Wou et och kloer ass, datt déi Mesuren nëmmen da Sënn maachen, wa se heeschen, besonnesch beim CAE a beim CIE, wann déi jonk Leit eng Formatioun, en Tutor kréien, dee se accompagnéiert, deen hinnen och déi Experienz, déi professionell Experienz vervollstännegt oder stäerkt, déi se brauchen an déi hinnen et dann och erlaabt, besser sech um Aarbechtsmaart erëmzefannen.

M. André Hoffmann *(déi Lénk).*- De Mindestloun fir en Universitaire!

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration.*- 1,5!

M. André Hoffmann *(déi Lénk).*- Jo, fir en Universitaire!

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration.*- Bon! Dat heescht, datt mer natierlech déi Mesuren, déi mer elo verlängeren, net einfach esou am Raum loossen. Mir loosse se net am Raum, well mer probéieren, d'Formatioun, d'Ënnerstëtzung, de Suivi vun deene Jonken ze verbesseren. Mir verbessere se duerch zwou Saachen: éischtens, besonnesch beim CAE, dee jo net d'Erfollgsstory vläicht direkt ass - ech kommen nach dorobber zréck -, datt dee Jonken elo vum Januar un e fixe Programm kritt mat fënnef Moduller, wou en nieft senger Aarbecht, wou e schafft, och nach ausserhalb an engem CNFPC eng Formatioun a verschiddene Gebidder - Informatik, Sproochen, Redaktioun an esou weider - kritt.

Et ass also net esou méi, datt mer dee jonken CAE an d'Landschaft schécken an en emol een oder zwee Joer vergiessen. Hei gëtt also e Modul opgebaut mat den CNFPCen, fir déi Jonk an engem CAE absolut ze suivéieren an och periodesch mat him eng Evaluatioun ze maachen, wou en drun ass. Den Objektiv ass jo net, d'Leit onbedéngt an de Mesuren ze loossen. Den Objektiv ass, esou wäit wéi méiglech an esou schnell wéi méiglech déi Jonk eventuell aus enger Mesure erauszehuelen a se an en definitiven Emploi ze bréngen. Dat ass den Objektiv.

Dofir brauche mer - an do sinn ech ganz mat Iech d'accord -, dofir brauche mer natierlech eng ADEM, déi d'Moyenen huet, déi d'Ressourcen huet, déi dee Suivi mécht, déi dee Jonken och suivéiert, déi och kann zu engem gewëssene Moment e Bilan mat dem Jonke maachen, wou en drun ass. Dat ass aktiv Politik. Un där huet et e bësse gehapert, dat ginn ech zou. Mir hu probéiert an deem vergaangene Joer, dat ze verbesseren. Mir wäerten dat elo an dësem Joer ganz kloer en place setzen. A mir kënnen an e puer Méint de Bilan maachen hei oder an der Kommissioun, an ech wäert Iech dann och eng Rei vun Donnéeën an deem Sënn kënne weisen.

E wichtege Punkt ass d'Orientation scolaire, ass ouni Zweifel d'Orientation scolaire, d'Orientation professionnelle. Och do si mer amgaang ze bougéieren. Mir sinn zesumme mam Éducatiounsministère elo praktesch amgaang e Service unique opzebaue vun Orientation scolaire, dee souwuel d'Orientation professionnelle vun der ADEM wéi déi verschidde Servicer, y compris ALJ, zesummebréngt an enger Maison de l'orientation, déi zum Beispill kann an den ADEMe fonctionnéieren, do wou ADEMe fonctionnéieren, respektiv an deenen Haiser, wou d'ALJ am Land präsent ass, datt mer déi Jonk wierklech kënne beroden an esou fréi wéi méiglech beroden. Do sinn ech d'accord: Mir mussen deene Jonken esou fréi wéi méiglech och eng Orientéierung fir hiert zukünftegt Beruffsliewe ginn.

Elo, déi lescht Fro ass déi vun der Evaluatioun. Natierlech brauche mer Evaluatioun. Ech sinn deen Éischten, dee seet, datt een net soll an d'Land era Politik maachen, datt een, wann ee Mesuren hëlt, da muss een à peu près wëssen, mat engem gewëssene Grad vun…, mat enger Marge d'erreur - ech mengen, dat ass schwéier ze évitéieren -, wou mer histeieren. A mir hunn och Evaluatioune kritt.

Et ass net esou, datt mer absolut keng Evaluatioune kritt hätten. D'ailleurs, d'Cour des Comptes, déi Iech jo och Rapporte mécht, déi huet e Rapport geschriwwen, deen ass viru kuerzem erauskomm, wou se eng Rei Saachen iwwerhëlt, wat d'Mesuren ubelaangt, a wou se aus dem CEPS-Rapport vum Februar 2010 zitéiert, wat den Impakt vun de Mesurë war.

An do geet awer kloer ervir, datt dee Jonken, deen aus enger Mesure kënnt, absolut besser Chancen huet um Aarbechtsmaart, wann een de Bilan mécht no sechs Méint, wéi dee Jonken, deen net an enger Mesure war. An deen Écart ass méi grouss beim CIE wéi beim CAE, mä souguer beim CAE ass en net négligeable.

Dorop opbauend musse mer elo kucken, datt effektiv, duerch e bessere Suivi vun der ADEM, duerch déi komplementär Formatioun, déi mer deene Jonke musse ginn, déi Mesuren effektiv eng „success story" um Aarbechtsmaart ginn. Mä et wier elo dat falscht Signal, ze soen: „Bon, d'Kris ass eriwwer, elo débrouilléiert Iech alleguer, gitt kucken, datt Der eng Aarbechtsplaz fannt, an da wäert dat scho klappen." Dat ass net eng seriö proaktiv Aarbechtsmaartpolitik.

Mir mussen déi Jonk ënnerstëtzen, mir mussen et fäerdeg bréngen, och déi, déi méi schwaach sinn, an eng Aarbechtsplaz ze bréngen. A besonnesch déi méi Schwaach, déi leien eis natierlech um Häerz. Mir hunn eng Rei vu jonke Leit tëschent 16 an 20 Joer, déi an der ADEM ageschriwwe sinn an déi effektiv en Niveau inférieur, déi iwwerhaapt keng Qualifikatioun hunn. Mir hunn elo vun dem Januar un eng Politik, datt mat deene Jonken obligatoresch an dräi Méint muss e Projet professionnel gebaut ginn. Datt se mussen accompagnéiert ginn, fir esou e Projet professionnel ze développéieren.

Mir wäerten no dräi Méint deen éischte Bilan zéien, wéi wäit dat ons gelongen ass. Déi Jonk tëschent 16 an 20 Joer ouni Qualifikatioun, fir an dräi Méint deenen eng Propositioun ze maachen, fir se net am Däischteren ze loossen an net hinnen d'Impressioun ze ginn, datt si schonn an der Gesellschaft ofgeschriwwe sinn. Mir nennen dat Coup de pouce jeunes, besonnesch fir déi Jonk, déi am schwächste sinn.

Iwwert den CAE hunn ech scho geschwat. Ech kann Iech also an deenen nächste Wochen, wann Der dat wëllt, an der Chamberskommissioun och déi éischt Evaluatioune ginn iwwer CIE an CAE. Ech mengen, ech wäert Iech elo net hei bombardéiere mat Chifferen, mä mir kënnen also an der Kommissioun iwwert déi éischt Chiffere vun Evaluatioun ganz sécher weider diskutéieren.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Aarbechtsminister Nicolas Schmit. Domadder wär d'Diskussioun ofgeschloss a mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6208 ass ugeholl mat 43 Jo-Stëmmen, géint 17 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen (par Mme Nancy Arendt), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Marcel Oberweis), Lucien Weiler (par M. Raymond Weydert), Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. LucienThiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par Mme Claudia Dall'Agnol);

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Ont voté non: MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner (par M. Xavier Bettel);

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Félix Braz) et Mme Viviane Loschetter;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen dann elo zum Projet de loi 6170 iwwert d'Organismes de placement collectif. D'Riedezäit ass hei nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: den Här Meisch, den Här Negri an den Här Henckes. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Lucien Thiel. Här Thiel, Dir hutt d'Wuert.